# INTERVIEW
## mam Fabienne a mam Vicky
### aus dem Atelier

**Wat genau ass Är Aufgab hei am Atelier?**

***Vicky:*** Ech si Bookerin, dat heescht, ech buchen d'Concerten an d'Säll eran, et muss ee wëssen, den Atelier huet net nëmmen den Atelier Concertssall, mee mir buchen och am ganze Land. Dat heescht, mir ginn och an d'Rockhal, d'Rotonden, am Summer si mer an der Abtei Neimënster a mir hunn och eis Festivallen. Also muss ech kucken, wéi een Artist passt a wéi e Sall, an da muss ech e Budget opstellen. A wann dee bis confirméiert ass, dann iwwerhëlt d´Fabienne.

***Fabienne:*** Mäin Job ass eeben, ech sinn d'Gerante hei vum Atelier, dat heescht, ech kucken, dass de Sall prett ass, wann de Client kënnt, dass genuch Gedrénks am Bar ass, dass meng Barleit do sinn, dass alles steet. Op der anerer Säit sinn ech awer och responsabel fir alles, wat de Backstage vum Artist betrëfft. Do, wou mer lo hei sëtzen, ass eeben eise Backstage. Och op all deenen anere Plazen, wou mer ginn, kucken ech, dass alles do ass, wat den Artist gären hätt. Dat geet vu sengem Iessen a sengem Gedrénks, awer och déi verschidde Saache wéi e Fön, Handdicher, eeben alles, wat dozou gehéiert. Du hues der, déi komme mat Waasserspender a mat hei a mat do. Dat ass da mäin Job, fir ze kucken, dass dee ganzen Deel Catering, Hospitality, Backstage geréiert gëtt.

**Wéi kommen d´Bands an den Atelier mateneen a Kontakt?**

***Vicky:*** Et muss een d'Leit kenneléieren, et muss een eng Vertrauensbasis opbauen. Heiansdo geschitt dat duerch Festivallen, mir gi reegelméisseg op Festivallen, wou mer d´Leit da kenneléieren. Et sinn den Artisten hir Agenten, déi sech ëm d'Concerte bekëmmeren, si buche vun hirer Säit Concerten, dat heescht, mat deene muss een a Kontakt kommen. Entweeder schreiwen ech se un a soen: XY, wéi gesäit et mat där Band aus, sinn si net gläich ënnerwee, häss de Loscht op e Concert zu Lëtzebuerg? Mee heiansdo ass et och ëmgedréint, dass si soen, hei, ech hunn e Lach tëschent Bréissel a Köln, hues du den Atelier oder iergendeng Optioun zu Lëtzebuerg fräi? An da mellen ech mech bei hinnen.

**Wat ass a punkto Organisatioun wichteg, dass e Concert kann ofgehale ginn?**

***Vicky:*** Dat si mega vill Facteuren.

***Fabienne:*** Dat fänkt scho mol domadder un, datt d'Vicky eppes muss buchen, an dann hänkt et dovunner of, wou lo gebucht ginn ass, ass et lo am Atelier, an der Rockhal oder ass et dobaussen op enger Wiss? Mir gi jo wierklech duerch d'ganzt Land. An da kommen zwou Komponenten, wann alles gebucht ass. D'Komponent Produktioun. Alles, wat den Artist brauch oder matbréngt u Luuchten, Toun an Technik. Déi ganz Technik ass eng Komponent. Déi aner Komponent ass eeben och rëm de Backstage a Catering. An da kënnt nach dat ganzt Ronderëm dobäi, den Ticketing, wéi d'Leit erakommen, d'Security. Den Artist seet mir, um wéi vill Auer si ukommen, déi eng Artiste si méi berüümt wéi déi aner.
Déi eng hu méi Fans wéi déi aner, a virun allem hunn

déi eng vläicht méi Fans, déi moies um 10 Auer schonn do sinn. Mir hu scho gesinn, dass et der gouf, déi moies schonn um 8 Auer hei sëtzen, an da freet een sech schonn, firwat sinn déi moies um 8 Auer schonn hei.
Do ass dann och eis Aufgab, mat der Security ze kucken, dass déi Leit kënnen heibleiwen, se solle just virun der Dier stoen. Dat heescht, do kënnt ganz vill zesummen, wou mer dann hei dat mussen organiséieren. Am Virfeld organiséiere mer alles, den Dag selwer maache mir d'Mise en Place vun dem Ganzen.

*Vicky:* Dat erkläert och, firwat verschidden Tickete méi deier si wéi anerer. Wat den Organisatiounsprozess méi komplex ass, wat mer se leider méi deier musse maachen. Dat heescht natierlech och, dass de Concert nach ëmmer an der Rockhal méi deier ass, well mer vill méi Personal musse bereetstellen, well d'Bün an d'Technik méi grouss sinn.

**Wéi laang dauert dat, fir e Concert ze organiséieren, a wouranner besteet den Ënnerscheed fir d'Decisioun, ob e Concert am Atelier oder an der Rockhal gespillt gëtt?**

*Vicky:* Do fänken ech bei der zweeter Fro un, den Ënnerscheed tëschent Rockhal an Atelier ass ëmmer, wéi vill Tickete verkeeft den Artist. Dat gehéiert och zu mengem Job, den Artist anzeschätzen, wéi grouss ass en hei um Marché, ech mengen, hie verkeeft 800 Ticketen, da man ech en hei, e verkeeft awer lo 3.000 Ticketen, da gi mer an d´Rockhal. Dat heescht, ëmmer kucken, wéi staark ass en u mengem Marché, an och, wann e lo mat enger grousser Bün kënnt, mat Ecranen, mat Dänzerinnen, mat Feier, dat kann ech hei alles net machen, da musse mer och an d´Rockhal goen. Dat heescht, et ass ëmmer eng Saach vu Produktioun, Suen a Fanbase, déi en huet. Zur Organisatioun, lo hu mir schonn Datumen optionéiert, dat heescht, et ass lo schonn an eisem Kalenner agedroen, mee se sinn nach net confirméiert fir Oktober 2023. Dat heescht, mir plangen ongeféier ee Joer bis annerhalleft Joer am Viraus.



*Fabienne:* Wann et da confirméiert ass, dann hunn si jo dann de Concert gebucht, dat heescht, ech weess lo vläicht: den 23. Oktober 2023 spillt XY hei, awer dat steet dann am Kalenner bei eis, an da muss XY jo vu senger Säit aus mol eng Produktioun op d'Been stellen, si musse jo mol definéieren, wat huele mer mat, an eréischt, wann de Package do ass, mussen si hir Busser a Camione lounen, wéi vill Leit huele mir mat op Tour, huele mer eng Kiche mat op Tour, deemno wéi grouss d'Saach ass, dat mussen si vun hirer Säit maachen. An eréischt, wann dat gemaach ass, ech soe lo a Relatioun vun 2 bis 3 Méint am Viraus vum Datum, dann eréischt komme mir an d'Spill. Also d'Ekipp wéi ech, wat de Backstage ugeet an eisen Techniker, wat d'Produktioun vun der Technik ugeet, wou mir soen: Hutt der e Rider, wou drasteet, wat dir matbréngt a wat mir mussen organiséieren? Da fänke mir domadder un, virdru bréngt et näischt, well et nach ëmmer wäert änneren. Ech ka lo e Rider* hunn, wann si lo an engem Joer kommen, mee an deem Joer ka sou vill geschéien, datt si soen, „Nee mir huele lo awer net déi Mikroen, mir wëllen awer lo déi aner." Dat heescht, 2 bis 3 Méint virum Concert fänke mir de prakteschen Deel réischt un.



ter, wou s de dann nach do sëtz oder wou si erofkommen. Also hei ass de Backstage, dat ass a bleift och hiert. Mir sëtzen net hei mat hinnen. Ech komme just hei rop, wann si soen, „Fabienne d´Kaffismaschinn spréngt rëm op Stand-by“, oder et feelt eis Mëllech oder keng Anung. Just dee Moment kommen ech hei ran, a fir de Rescht sinn si hei privat, mee dann um Enn vum Owend kommen se oft raus an de Sall a mir sinn ënnen, d´Barpersonal ass dann och nach do a mir sëtzen dann do zum Schluss a schnëssen. An heiansdo kommen si einfach mat dobäi an da sëtze mir nach eng gutt Stonn mat hinnen zesummen, wéi wann et däin Noper wär, dee grad eriwwer op Besuch kënnt. Dat Normaalst vun der Welt, dovunner existéieren och keng Fotoen, dat bleift privat, mee dat sinn dann déi flott intim Momenter, déi s du dann awer hues.

## Wéi vill Leit kënnt dir pro Concert empfänken?

***Vicky:*** Hei am Atelier sinn et 1.200 Leit. Mir kënnen awer och méi kleng goen, da gi mir an d‘Rotonden, dat sinn dann 300 Leit, an der Rockhal sinn et bis zu 6.000 Leit. An lo, d‘lescht Woch, hate mer eise gréisste Concert vum Joer, dat war Seed mat 15.000 Leit.

***Fabienne:*** Dat war an der Luxexpo. A Fanta4 och, awer Seed war méi verkaaft. Mee de Site vun der Luxexpo si 15.000 Leit an déi hate mir bei Seed erreecht. Awer dat Gréisst, wat mir jeemools selwer gemaach hunn, war d‘Herchesfeld, wou mer Rammstein haten, wou mer fréier och Rock a Field ofgehalen hunn. Dat heescht, dat war déi gréisste Capacitéit an eiser ganzer Geschicht.

## Wat war Är beschten Erfarung, déi dir hei gemaach hutt?

***Vicky:*** Ass et net fir dech sou, wat ass däi Liblingskand?

***Fabienne:*** Ech mengen, mir hunn sou vill an all deene Joren erlieft, datt et keng “bescht Erfarung”, kee “Liblingskand” gëtt. Dat, wat ëmmer rëm flott ass, dat ass den intime Moment mat den Artisten, wou kee Public dobäi ass. Dat, wou d‘Leit soen, ech wëll dat och erliewen. Den Dag ass oft stresseg, si komme ran, da muss de ganzen Opbau gemaach ginn, de Camion gëtt eidel gemaach. Da kënnt de Concert an duerno fält un sech déi ganz Laascht erof, da gëtt dee Camion rëm agepaakt an dann hues de dacks mat verschidden Artiste Momenter, wou s de dann nach do sëtz oder wou si erofkommen.

***Vicky:*** Ech mengen, et ass jo och, dass verschidden Artiste reegelméisseg rëmkommen, an déi kenne mer dann, well mer se och scho vum klengste Concert bis lo an d´Rockhal begleet hunn. A wann s du dann déi Ekippe rëmgesäis, ass et, wéi wann s de däin Noper oder däi klenge Cousin rëmgeséichs, da gëtt et mol en décken Drécker. A Gespréicher wéi zum Beispill: „O, mäi Gott. Wat seet d‘Kand?“ oder „Ech si bestuet ginn.“ Fir d‘éischt eng Véierelstonn laang just schwätzen: „Wéi geet et dir?“ Virun allem lo mat Covid: „Wat hues de gemaach, war et net ze haart fir dech?“ Wierklech sou, wéi wann s du al Kolleegen oder Klassekamerode rëmgeséichs. Et ass mega flott.

***Fabienne:*** Dat hu mir relativ vill am Touring Beräich. Wann s de ëmmer dee selwechte Camionschauffer hues an dee selwechte Buschauffer, da kenns de der ganz vill vun hinnen. Dat schwätzt fir d‘ganz Ekipp, wierklech vum Camion- a Buschauffer bis zum Artist selwer.

***Vicky:*** An oft sinn déi Leit am Hannergronn méi flott a witzeg an interessant wéi d‘Artiste selwer. Zum Beispill sou wéi de Buschauffer, deen dir als Merci eng Fläsch Wäin geschenkt hat, wells du zwou Stonne mat him geschwat has.

***Fabienne:*** An ech hunn em seng Wäsch gemaach.

***Vicky:*** Ech mengen, dat huet och gehollef!

*Lauri*